**Äntwert vum Kulturminister Eric Thill, a vum Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n° 2133 vum 21. Mäerz 2025 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

Staatlech Institutioune gräifen op extern Sécherheetsfirmen zeréck fir d'Iwwerwaachung vun ëffentleche Gebaier an d'Zougangskontrollen, fir déi d'Sécherheet 24 Stonnen den Dag a 7 Deeg d'Woch assuréiert gi muss. Dës extern Prestatairë sinn als Employeur vum Sécherheetspersonal zoustänneg fir déi jeeweileg Aarbechtskontrakter.

E gudden Empfang vun de Bierger an den ëffentlechen Institutiounen ass der Regierung e wichtegt Uleies. An deem Kontext ass virgesinn, de Sécherheetsfirmaen beruffsspezifesch Initiatiounscoursë fir hir Mataarbechter ze recommandéieren an hinne gutt Beispiller vun esou Formatiounen ze weisen.

Lëtzebuerg, den 15/04/2025.

De Kulturminister

(s.) Eric Thill